N° 7850
Entrée le 31.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kultur weiderzeleeden.**

Aktuell lafen d'Aarbechten un engem nationalen Inventaire vum Patrimoine. Well dëse Projet nach net ofgeschloss ass, si vill Gebaier zum aktuellen Zäitpunkt nach just um communalen Niveau geschützt. D'Patrimoinesgesetz vum 25.02.2022 gesäit awer vir, dass all Persoun, där hiert Haus zum Patrimoine communal gehéiert, viru Renovatiounsaarbechten eng ministeriell Geneemegung muss ufroen. Esou soll garantéiert ginn, dass wärend den Inventaire gemaach gëtt, kee Patrimoine méi ka verluer goen. Gëtt eng Demande fir Aarbechte gemaach, déi der Aschätzung vum Ministère no zu enger Zerstéierung oder Beschiedegung vum Patrimoine féiere kéinten, huet d'Ministesch d'Méiglechkeet, d'Gebai innerhalb vun 3 Méint virzäiteg um nationalen Niveau klasséieren ze loossen.

D'Energie- an d'Klimakris motivéiere vill Leit, energeetesch Renovatioune virzehuelen an esou ass et net verwonnerlech, dass och vill Besëtzer vu klasséierten Haiser sech Gedanken doriwwer maachen, wéi si d'Energieklass vun hirem Haus verbessere kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Klimaschutz an Energieaspuerunge sinn an den aktuellen Zäiten zentral, mee gläichzäiteg verfollegt d'Regierung och dat wichtegt Zil, de Lëtzebuerger Patrimoine ze erhalen. No wéi enge Krittären entscheet d'Ministesch, ob eng energeetesch Renovatioun un engem op kommunalem Niveau geschützte Gebai erlaabt gëtt oder net?

2. Wéi eng Facteure kënnen dozou féieren, dass Isolatiounsaarbechten un enger Fassade vun engem op kommunalem Niveau geschützte Gebai keng Geneemegung kréien?

3. U wien kann eng Persoun sech wenden, bzw. wéi a wou ka si a Recours goen, wa si keng Geneemegung fir eng Renovatiounsaarbechten un hirem op kommunalem Niveau geschützten Haus vun der Ministesch krut an der Meenung ass, dass dës Entscheedung net gerechtfäerdegt ass?

Mat déiwem Respekt,

Sven CLEMENT
Deputéierten